Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (24.03.2021)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3925

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Mäerz 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un den Här Schoulminister, un d'Madamm Justizminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am internationale Lycée vun Déifferdeng (EIDE) gouf e Communiqué un d'Eltere verschéckt, datt si eng Geldstrof vun 1.000. bis 2.500. Euro riskéieren, wann si hir Kanner ënner bestëmmten Ëmstänn ouni negative COVID-Test an d'Schoul schécken.

Duerfir hunn ech folgend dréngend Nofro un den Här Schoulminister, d'Madamm Gesondheetsminister an d'Madamm Justizminister:

1) Ob wéi enger gesetzlecher Grondlag berout dës Geldstrof? A wéi enger strofrechtlecher Situatioun fält se un?
2) Wéi eng Schoulregimer si betraff?
3) Verfügen d'Elteren an den ëffentleche Primär- a Secondairesschoulen allgemeng iwwert eng verständlech an transparent Checklëscht, wou si kontrolléiere kënnen, wéi ee COVID-Protokoll fir si applicabel ass a wéi eng Moossname/Prozedure fir si domat verbonne sinn?
4) U wie kënnen si sech wenden, wann si kuerzfristeg eng Nofro zu de COVID-Mesuren hunn, déi si bei hirem Kand musse kontrolléieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 3925 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

D'Froe vum honorabelen Deputéierte wëll ech mat zwou Informatioune beäntwerten.

**Ad 2), 3) a 4)**

Zum engen huet d'Direktioun vun der École internationale Differdange & Esch-sur-Alzette (EIDE) den 2. Mäerz 2021 eng Kommunikatioun un d'Elteren erausgi mat allen néidegen Informatiounen zu de Prozeduren, déi am Fall vun enger Quarantaine anzehale sinn, notamment wat d'Virleeë vun engem negativen Testresultat ubelaangt. An dësem offizielle Schreiwes steet näischt vun enger Geldstrof. Op dësem Wee kréien d'Elteren déi néideg Informatiounen zu de Moossnamen a Prozeduren, déi an deene verschiddene Schoulregimmer applicabel sinn; fir all Nofroe kënne si sech un d'Direktioun vun der Schoul adresséieren.

**Ad 1)**

Zum anere gouf et den 23. Februar eng Entrevue tëscht der Direktioun an dem Elterecomité, notamment zum Thema Covid-19; vun dëser Reunioun huet de Bureau vum Elterecomité ee Rapport verfaasst. Dëse Rapport gëtt traditionell als "outil de transparence" u sämtlech Eltere geschéckt, fir esou d'Diskussiounen tëscht Direktioun an Elterevertrieder ze dokumentéieren. An sengem Rapport hat de Bureau vum Elterecomité vermierkt, datt d'Elteren eng Geldstrof riskéieren, wann hiert Kand ouni Test aus der Quarantaine zeréck an d'Schoul kënnt.

D'Äntwert op d'Fro no der gesetzlecher Grondlag vun dëser Strof fënnt den honorabelen Deputéierten am Covid-Gesetz (*Loi du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19*). Den Artikel 7(1) vun dësem Gesetz fixéiert d'Dauer vun der Quarantaine op siwen Deeg *« à condition de se soumettre à un test diagnostique de l'infection au virus SARS-CoV-2 à partir du sixième jour »*. Da gëtt preziséiert : *« En cas de test négatif, la mesure de quarantaine est levée d'office. En cas de refus de se soumettre à un test de dépistage à partir du sixième jour après le dernier contact avec la personne infectée, la mise en quarantaine est prolongée pour une durée maximale de sept jours »*.

D'Net-Anhale vun de Bestëmmunge vun der Quarantaine gëtt duerch den Artikel 12 vum Covid-Gesetz ënner Strof gestallt: *« (...) le non-respect par la personne concernée d'une mesure (...) de mise en quarantaine prise sous forme d'ordonnance par le directeur de la santé ou son délégué en vertu de l'article 7 sont punies d'une amende de 500 à 1 000 euros »*.

De Bureau vum Elterecomité hat iertemlecherweis e Betrag vun 1.000 bis 2.500 Euro uginn.